N° 57 | ABRËLL 2021

# Fëschber Gemengeblat



© Molitor Olivier

# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Abrëll 2021

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung Fëschbech
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Chantal CONRAD
Daniel HOTTUA
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA
Luc SCHMIDT
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Olivier MOLITOR

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

---

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 58/2021 ass den 06/08/2021.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

## GEMENG

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
- Sécher Spillplazen 8
- Neien Hausmeeschter an der Filano - Sportshal 9

Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
- De klénge Résilience ass zu Fëschbech ukomm 10
- Visite Waasserreseau 12
- Bongert Grand-Duc Jean 14
- D'Schoulkanner planzen Uebstbeem 16
- Grouss Botz 18

## GUTT ZE WËSSEN

Badminton Regioun Mëllerdall Badminton a vill méi... 22
Jugendkommissioun 24

## WAT WAR LASS?

Mir gi liichten 25
Buergbrennen 26
Hierken Drive-In op der Héicht zu Schous 28
Generalversammlung Amicale vun de Pompjeeën 29
D'Klibberen…och oder grad an Zäiten vu CORONA 30
Den Duxall an der Angsber Kierch ass vergréissert ginn... 34
Éischt Kommunioun 35

## ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

Aktivitéiten an der Schoul 36
Hecken pflanzen – Cycle 4.1 44
Mol eis däi Konschtwierk 48
Aktivitéiten an der Maison Relais „bei de Kueben" 54

## GEBUERTSDAG

Mir gartuléieren 58



# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger
aus der Fëschber Gemeng,

Esou wéi vill vun eis sech et zanter laangem geduecht hunn gëtt eisen Alldag och 1 Joer no Ufank vun der Corona Pandemie leider weiderhi vum Virus dominéiert. Och wann d'Impfunge vun enger Phas an déi aner ginn wäert de Virus eis nach laang begleeden. Et heescht also „mam Virus liewen", sech an de Gewunnechten ëmstellen an disziplinéiert bleiwen.

Dass dat funktionéiere kann hunn déi läscht Méint eis scho gewisen.

Eis Schoul an eis Betreiungsstrukturen hunn sech no beschte Méiglechkeeten der Situatioun ugepasst a maachen zesumme mat eise Kanner an dëser schwiereger Zäit eng gutt Aarbecht. Verschidde Veräiner weise Liewenszeechen a Form vun Aktivitéiten, Comité's oder Generalversammlungen an eisem Veräinshaus. Am Respekt vun de COVID-Restriktiounen déi eis Regierung virginn huet ass dëst op der Plaz absolut méiglech.

Soll Dir eng Aktivitéit oder eng Reunioun wëlle plangen a sidd Iech net sécher op dat méiglech ass da frot roueg bei eis no. Mir ënnerstëtzen Iech gären.

Och mir als Gemeng halen eis Gemengeréit oder Rendezvous'en am Schäfferot „op der Héicht" of. Iwwerhaapt ass eist Veräinshaus mat sengem grousse Sall ideal fir gréisser Reuniounen an ass speziell an dëser Zäit dowéinst iwwert eis Gemengegrenz eraus vill gefrot. Op en Neits kënne mir frou sinn esou e Site mat esou Méiglechkeeten ze hunn.

Eng Festivitéit déi mir zesumme mat eiser Populatioun an der Ierfgroussherzoglecher Koppel am Fong fir de Mee dëst Joer virgesinn haten, d'Joyeuse Entrée, musse mir leider alt erëm eng Kéier wéinst der Corona Pandemie reportéieren. Iwwert e spéideren Datum gitt Dir selbstverständlech mat Zäiten am Viraus informéiert.

Wärend d'Aarbechten un eiser neier Kläranlag zu Fëschbech zanter bal engem Joer lafen, hunn zu Angelsbierg déi éischt Baggeraarbechte fir d'Vergréisserung an d'Erneierung vun der Angsber Kläranlag virun e puer Wochen ugefaangen. D'Aarbechte sinn deene meeschte vun Iech sécher schonn opgefall, virun allem well de Chantier mat roude Luuchte gereegelt gëtt.

Een Nieweneffekt vun der Pandemie, vu „Bleift doheem" a vu „manner Reesen" ass sécherlech dass vill Leit doheem wudderen, raumen, Pläng maache fir hiert doheem méi grouss ze maachen oder anescht ze gestalten. Et ass schonn exzeptionnell mat wéivill Geneemegungsufroe mir op der Gemeng am Moment konfrontéiert sinn. Dëst ass natierlech erfreelech. Zum enge weist et d'Motivatioun vun eiser Populatioun, trotz Pandemie, zum anere kuerbelt et d'Economie un a beschäftegt d'Betriber.

Ech wëll dës Zeilen allerdéngs notzen an een Appell un all déi Bauhäre maachen déi eng Demande bei eis areechen oder an de läschte Wochen agereecht hunn. Et ass dëst een Appell un Är Gedold an un Äert Versteesdemech. Mir brauchen déi néideg Zäit fir all Dossier am Detail ze préiwen a mir mussen a wëllen eis déi och huelen. Dëst hëlleft Iech, Ärem Ëmfeld, Ären Noperen an eis fir Äre Projet ouni Reklamatiounen a Verzögerunge kënnen ëmzesetzen.

Ass een Dossier net komplett oder onkloer da gëtt de Bauhär schrëftlech gefrot déi feelend Pièce nozereeche bis den Dossier „en bonne et due forme" ass. Natierlech geet dobäi Zäit verluer an awer ass et prozedural dee richtege Wee. Dass eis Gemeng zanter Oktober 2020 keen Techniker huet déngt der Saach bei esou enger Mass un Demande sécher net. Am Laf vun den nächste Woche wäert eisen Techniker-Posten awer erëm kompetent besat ginn an eist Sekretariat, wat an de läschte 7 Méint den technesche Volet mat villen Extrastonne méi wéi gutt mat ofgedeckt huet kritt dann erëm e bësse méi Otem.

Merci fir Äert Versteesdemech.

Iech all vill Freed mat dësem Gemengeblad, genéisst d'Fréijoer a bleift virsichteg, och wann Dir scho sollt geimpft sinn !

*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*

GEMENG

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 23 novembre 2020

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers;

Suite au projet d'aménagement général élaboré en 2015, après avoir considéré les réclamations de 32 personnes à l'égard de ce projet, ainsi que le jugement de 2017 de la Cour administrative le conseil communal décide à la majorité des voix d'aviser favorablement les propositions du collège des bourgmestre et échevins à l'égard des différentes réclamations.

Par la suite le conseil communal approuve à la majorité des votants admis le projet remanié de refonte du PAG de la commune de Fischbach.

Nom Projet vum allgemenge Bebauungsplang aus dem Joer 2015 an nodeems d'Reklamatioune vun 32 Persounen zu dësem Projet grad wéi och d'Uerteel vum Verwaltungsgeriicht aus dem Joer 2017 ugekukkt gi sinn, entscheet de Gemengerot mat der Majoritéit vun den Stëmmen dem Schäfferot senge Virschléi betreffend déi eenzel Reklamatioune zouzestëmmen.

Uschléissend entscheet de Gemengerot mat der Majoritéit vun den zougeloossenen Stëmmen den ugepasste Projet fir de neien PAG vun der Fëschber Gemeng gutt ze heeschen





# Séance publique du conseil communal du 17 décembre 2020

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude (points 2-14) – conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 2.291.240,01 € sont approuvés.

2. Le conseil communal arrête à 7 voix contre 1 et 1 abstention le budget rectifié de l'exercice 2020:

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl !

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 2.291.240,01 €.

2. De Gemengerot hält de korrigéierte Budget 2020 fest mat 7 Stëmmen dofir, 1 dogéint an eng Enthalung.

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.912.194,57 € | 3.330.335,00 € |
| Total des dépenses | 3.592.940,99 € | 6.088.706,96 € |
| Boni propre de l'exercice | 1.319.253,58 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 2.758.371,96 € |
| Boni du compte 2019 | 2.252.124,76 € | - |
| Mali du compte 2019 | - | - |
| Boni général | 3.571.378,34 € | - |
| Mali général | - | 2.758.371,96 € |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 2.758.371,96 € | + 2.758.371,96 € |
| Boni présumé à fin 2020 | 813.006,38 € | 3.330.335,00 € |
| Mali présumé à fin 2020 | - | - |

Le budget de l'exercice 2021 est approuvé à l'unanimité des voix d'après le tableau récapitulatif suivant:

De Budget 2021 gëtt eestëmmeg ugeholl.

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 5.033.675,00 € | 7.652.540,00 € |
| Total des dépenses | 3.855.473,91 € | 9.514.896,60 € |
| Boni propre de l'exercice | 1.178.201,09 € | |
| Mali propre de l'exercice | | 1.862.356,60 € |
| Boni présumé fin 2020 | 813.006,38 € | |
| Mali présumé fin 2020 | | |
| Boni général | 1.991.207,47 € | |
| Mali général | | 1.862.356,60 € |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1.862.356,60 € | + 1.862.356,60 € |
| Boni présumé à fin 2021 | 128.850,87 € | |

3. Le conseil communal approuve le devis concernant la transformation du réservoir d'eau à Fischbach en station hydrophore s'élevant à 47.705,83 € TTC.

4. Le conseil communal approuve le devis concernant l'acquisition d'une nouvelle voiture de service pour le service de régie s'élevant à 24.670,25 € TTC.

5. Le conseil communal approuve le devis concernant l'acquisition de divers outillages et machines pour le service de régie s'élevant à 22.464 € TTC.

6. Le conseil communal approuve le devis concernant l'acquisition de mobilier et d'équipement d'une salle de classe s'élevant à 15.000 € TTC.

7. Le conseil communal approuve le devis concernant l'acquisition de de nouveau chaises de bureau s'élevant à s'élevant à 4.000 € TTC.

8. Le conseil communal approuve le devis relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu-dit «Bullert/Leiwend» au montant de 142.250 € TTC.

9. Le conseil communal approuve le décompte relatif aux projets de remise en état de la voirie rurale «Schmatzelt» à Koedange avec une dépense effective de 103.366,72 €.

10. Le conseil communal décide de faire bénéficier les salariés de la commune d'un compte épargne-temps (CET) et approuve un règlement interne y relatif.

11. Le conseil communal ratifie la convention avec l'Association Luxembourg Alzheimer réglant le droit d'admission prioritaire pour 1 lit à la Maison de séjour et de soin «Beim Goldknapp».

12. Le conseil communal approuve les contrats de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

13. Le conseil communal désigne Monsieur Lucien Brosius, échevin communal, comme délégué politique à l'égalité entre femmes et hommes.

14. Le conseil communal désigne Madame Michèle Scholtes, receveur communal, comme déléguée du personnel à l'égalité entre femmes et hommes.

15. Affaire du personnel: à huis clos

3. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 47.705,83 € TTC fir de Wasserbehälter zu Fëschbech an en Drockausgläichbehälter ëmzebauen.

4. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 24.670,25 € TTC fir e neien Dingschtauto fir d'Régie.

5. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 22.464 € TTC fir Schaffgeschier a Maschinnen fir d'Régie.

6. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 15.000 € TTC fir Miwwel an d'Ariichtung vun engem Klassesall.

7. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 4.000 € TTC fir Bureau's Still.

8. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 142.250€ TTC fir de Feldwee op Bullert/Leiwend an d'Rei ze maachen.

9. D'Ofrechnung vun den Aarbechten fir d'Feldweer a Schmatzelt zu Kéideng am d'Rei ze maachen mat enger Gesamtausgab vun 103.366,72 € gëtt vum Gemengerot ugeholl.

10. De Gemengerot entscheet dass d'Gemengenarbechter den Zäitspuerkonnt (CET) notzen dierfen a geneemegt en deementspriechend internt Reglement.

11. De Gemengerot ratifizéiert d'Konventioun mat der Association Luxembourg Alzheimer iwwert d'Viirrangsrecht fir 1 Zëmmer am Fleegeheim "Beim Goldknapp".

12. De Gemengerot stëmmt zäitlech begrenzten Aarbechtsvertreeg fir d'Madame Sandra Vaessen fir d'Opsiicht am Schoulbus.

13. De Gemengerot bestëmmt den Här Lucien Brosius, Schäffen, als politeschen Delegéierte fir d'Gläichheet zwëschent Fraen a Männer.

14. De Gemengerot bestëmmt d'Madame Michèle Scholtes, Gemengeneinnehmer, als Delegéiert fir d'Gläichheet zwëschent Fraen a Männer.

15. Personalfroen: hannert zouenen Dieren

# Séance publique du conseil communal du 28 janvier 2021

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent – conseillers;

Absents excusés: TRAUSCH Claude - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 399.468,84 € sont approuvés.
2. Le conseil communal renonce à 6 voix contre 2 à l'exercice du droit de préemption concernant le terrain sis à Angelsberg, rue du Beringerberg.
3. La décision relative à l'avis à émettre au sujet du projet de plan national relatif à la qualité de l'air est reporté à une séance ultérieure.
4. Le conseil communal approuve un contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.
5. Dans le cadre de la mise en place du réseau intercommunal de distribution d'eau potable le conseil communal ratifie une convention de servitude entre le Kierchefong et les communes de Fischbach, Larochette et Nommern.
6. Le devis concernant l'acquisition de mobilier scolaire pour les cycles 2 et 3 s'élevant à 30.000 € TTC est approuvé.
7. Le conseil communal décide de ne pas donner une suite favorable à la demande de Monsieur Ramon Hamm concernant l'octroi d'une aide financière pour l'acquisition d'une table de billard.
8. Le conseil communal approuve le devis relatif à la rénovation de l'appartement duplex sis 4, rue de Schoos s'élevant à 30.000 € TTC.
9. Le conseil communal nomme Monsieur Marc Laux de Keispelt au poste de chargé de gestion communal responsable du service technique.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl !

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 399.468,84 €.
2. De Gemengerot verzicht mat 6 Stëmmen derfir an 2 dergéint op d'Virkaafsrecht vun engem Terrain zu Angsber, rue du Beringerberg.
3. Décisioun betreffend en Avis zum nationale Loftplang gëtt op eng nächsht Sitzung verluecht.
4. De Gemengerot stëmmt en zäitlech begrenzten Aarbechtsvertrag fir d'Madame Sandra Vaessen fir d'Opsiicht am Schoulbus.
5. Am Kader vum interkomunale Drénkwaasser-Réseau ratifizéiert de Gemengerot eng Konventioun zwëschent dem Kierchefong an de Gemenge Fëschbech, Fiels a Noumer.
6. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 30.000 € TTC fir Schoulmiwwel an den Cyclen 2 an 3.
7. De Gemengerot entscheet dem Här Ramon Hamm keng finanziell Ënnerstëtzung ze ginn fir e Billiardsdësch unzeschafe.
8. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 30.000 € TTC fir d'Renovatioun vun dem Duplex Appartement 4, rue de Schoos.
9. De Gemengerot ernennt den Här Marc Laux vu Keespelt zum Chargé de Gestion, responsabel fir den techneschen Dingscht.

# Sécher Spillplazen

**Säit Neistem huet Gemeng Fëschbech de Label „Sécher Spillplazen".**

All eis Spillplaze ginn elo reegelméisseg vun eise Gemengenaarbechter an emol am Joer vu Luxcontrol kontrolléiert an ofgeholl. All Defekter gi protokolléiert an direkt verbessert.

De Schäfferot konnt elo de 25. Mäerz 2021 zu Schous op der Héicht vum Här Christophe LUCIUS de Label offiziell an Empfang huelen.

Mir wënschen Iech all vill Spaass op de 7 Spillplazen an eiser Gemeng.

*Luss BROSIUS*






# Neien Hausmeeschter an der Filano - Sportshal

**Dës Iwwerschrëft kënnt Iech vläicht bekannt vir? Dir hutt Recht, wëll am Dezember 2019 hu mir op dëser Plaz deen neie Concierge Sam Peters aus eiser FILANO – Sportshal virgestallt deen am September 2019 säin Déngscht do ugetrueden huet.**

Leider wollt de Sam net bleiwen an esou gouf no engem Ersatz gesicht fir dëse Posten. Enorm vill an och gutt Kandidaturen waren un de FILANO Syndikat adresséiert.

Dës goufen all op de Leescht geholl an no e sällegen Virstellungsgespréicher ass de Choix op de Christian Schulté gefall.

De Christian ass ’74 gebuer, wunnt zu Jonglënster an ass Papp vun zwee Bouwen. Hien ass sportlech, motivéiert an ëmmer hëllefsbereet. Donieft huet hien déi néideg technesch Kompetenzen fir dësen Job a bréngt virun allem eng 17-järeg Erfarung vun der Gemeng Jonglënster mat, wou hien säit de “Centre polyvalent Gaston Stein” besteet, Hausmeeschter war.

Zanter dem 1. Februar 2021 schafft de Chrëscht elo fir de FILANO, wou hien nieft sengen Reparatur an Entretien-Aarbechten och mat villen Handwierks Firmen, Veräiner a Schoulklassen ze dinn huet. Wëll een als Concierge am FILANO zimlech op sech eleng gestallt ass, brauch et e regelméissegen Austausch mat de Responsabelen vum Syndikat an déi néideg Ënnerstëtzung. Als President vum FILANO hunn ech et ubruecht fonnt hien zu Ufank vu senger Amtszäit ze besichen an him alles Guddes op senger neier Plaz ze wënschen.

INFO: de FILANO Syndikat gouf 1997 vun de Gemengen Fëschbech – Fiels – Noumer gegrënnt. Um Plateau Birkelt (Gemeng Fiels) huet dëse Syndikat 2001 eng Schoulsporthal gebaut an 11 Joer drop, 2012, och eng Schoulschwämm. D’Sportshal gëtt nieft de Schoulen aus deenen dräi Gemengen och vun hire Veräiner profitéiert. D’Schwämm ass momentan ausschliisslech fir d’Schoulkanner an d’Maison Relais’en aus deenen dräi Gemengen reservéiert. D’Gemengen Hiefenech, Beefort, Aerenzdall a Reisduerf hunn sech iwwert Schwammstonnen fir hir Schoulkanner beim FILANO akaaft.

*Fränk DAEMS*
*President FILANO*






GEMENG

9

# De klénge Résilience ass zu Fëschbech ukomm

**Am Gemengebalt 54 hat mer iech d'Geschicht verzielt vun enger Holzskluptur, déi de Manolis Manarakis vun Angelsbierg zesumme gebaut huet. Am Optrag vun der Stad Déifferdéng huet en di 5 Meter héich Skulptur aus elauter eenzelnen Dunnen geschaafen.**

Well di mannste Leit sou vill Plaz bei sech doheem hunn fir esou eppes Grousses ze bauen, huet d'Gemeng Fëschbech him eng Scheier zur Verfügung gestalt, wou e säi Wierk konnt fäerdeg maachen. Di Skulptur stellt eng mënschlech Silhouette duer a wéi de Manolis erkläert hat, goung d'Idee dofir op d'Olympiad 2004 zu Athen zréck: „Ech war als Zuschauer bei de paralympesche Spiller dobäi an ech erënnere mech ganz genee un eng Szen bei enger Medailleniwwereechung. D'Athlete koumen op de Podium mat hire Kretschen bis op een. Dee koum ganz eleng ouni Hëllef dohinn. Wat mech ni méi lass gelooss huet, deen hat op enger Säit weder Aarm nach Been! Wärend d'Nationalhymn gespillt gouf, stoung dee riicht ewéi eng Käerz do, wéi en Tuerm an der Brandung. Dat huet en onheemlecht Bild vu Stäerkt an Duerchhale bei mir hannerlooss." Dofir krut d'Skulptur och den Numm „Résilience". An et stécht awer nach méi derhannert: „Déi vill Eenzeldeler, déi meng Skulptur ausmaachen, stinn dofir, datt de Mënsch vill méi ass, wéi dat, wat ee vu bausse gesäit a fir déi grouss Diversitéit vun de Mënschen."



Well een awer nunn awer esu eng Riseskluptur net einfach aus dem Aarm rëselt, hat de Manolis fir d'éischt op enger maansgrousser Versioun probéiert, wéi dat kënnt fonktionnéiren. E Prototipp souzesoen. Fir der Geméng Merci ze soen, datt si en sou flott ënnerstëtzt hat, hat e proposéiert fir déi kleng Versioun vum „Résilience" an der Märei zu Fëschbech opzestellen.

Dem Schäfferot huet déi Idee och gutt gefall an dofir ass ugangs Mäerz de „Résilience 2.0" an der Geméng ukomm wou e seng nei Plaz fonnt huet. Den Original steet zu Déifferdéng virum Akaafszentrum „Opkorn".

*Frank WEYRICH*











# Visite Waasserreseau

**24.03.2021 FËSCHBECH**

**Op Initiativ vum Schäfferot ware mir Conseillere vun der Gemeng Fëschbech den 24. Mäerz 2021 invitéiert ginn op eng kleng Visitt vun eisem besteeënde Waasserreseau.**

Am Laangegronn, op der Strooss vu Fëschbech a Richtung Stuppecht, krute mir vum Viraarbechter vun der Gemeng, dem Laurent Degraux, d'Quellefaassung gewisen an erkläert. Dës gouf am Summer 2014 a Betrieb geholl. Vun den dräi Buerungen am Fiels, déi beim Bau gemeet goufen, ginn den Ament just zwee Waasserzouleef genotzt, déi quasi d'Integralitéit vum Waasserdebit vun der Gemeng ofsécheren. D'Installatioun ass mat engem Iwwerlafsystem ausgestatt, esou datt, wann de Waasserbehälter voll ass, den Iwwerlaf d'Waasser no baussen drainéiert a Richtung Weieren.

Vun do aus si mir zu Fëschbech d'rue de l'Eglise erop gefuer bei e klengen Drénkwaasserreservoir, deen 90 m3 faasst an am Joer 1923 ageweit gouf. Dëse soll am Kontext vum Ausbau an der Erneierung vum interkommunale Waasserreseau ausser Betrib geholl ginn.

Zu Fëschbech hannert de Fëschweiere krute mir d'Pompelstatioun Débicht presentéiert vu wou aus den Drënkwaasserreservoir Fëschbech an de Bassëng op de Héicht alimentéiert ginn. Wann ee lénks laanscht d'Pompelstatioun geet (Richtung Spadséierwee «F3» Pavillon), fënnt een un der Mauer vun der Pompelstatioun Informatiounstafele mat Erklärungen zum Waasserreseau. Hannert der Pompelstatioun huet de Laurent eis deen ale Pëtz opgemaach, deen de Moment kee Waasser an dee besteeënde Waasserreseau aspeist. A nächster Zukunft soll dëse Pëtz enger „mise en conformité" ënnerzun ginn. Duerfir leeft am Moment eng Bestandsopnam fir déi de Bureau DAEDALUS den Optraag kruut.

Zu Schous ukomm ware mir déi zwee Drénkwaasserbehälter am Bassëng „op de Héicht" kucken, déi zesummen 500 m3 faassen. Dëse Bassëng gouf 1989 vergréissert. Ee vun dësen zwee Behälter soll frësch versigelt ginn, esou datt d'Waasserreserven fir den interkommunalen Reseau an och fir d'Zukunft vun eiser Gemeng kënnen eropgeschrauft ginn. De konkreten Uschloss un déi insgesamt 15km laang Waasserleitung an d'Installatioun vu verschiddenen Drockreservoiren zu Schous sinn an der Ëmsetzungsphase, an de Reseau wäert virraussichtlech 2023 kënnen a Betrieb goen.

Et kommen nach eng ganz Parti Aarbechten an Onkäschten op eis duer, déi eis awer mëttel- a laangfristeg eng qualitativ regional Verdeelung vun eisem Quellewaasser am FILANEAU d.h zwëschent den Nopeschgemenge Fiels an Noumer erméiglechen.

D'Investioun an de Waasserreseau erméiglecht d'Ofsécherung vun engem héichwäertegen Naturprodukt, waat sécherlech zu enger nohalteger Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun all de Bierger an der Regioun bäidréit.

Merci dem Schäfferot an dem Gemengeviraarbechter fir dee konkreten Abléck an déi komplex Matière.

*Daniel MOURA, Conseiller*






1925







# Bongert Grand-Duc Jean

**23.03.2021 FËSCHBECH**

**Viru bal genau engem Joer hu mir zu Fëschbech virum Schlass ee Bongert zu Éiere vum verstuerwene Staatschef, dem Grand-Duc Jean, ugeplanzt. Leider huet d'Planzaktioun mat de Kanner kuerzfristeg – wéinst der Pandémie – deemools ofgesot misste ginn. Déi 98 Uebstbeem hu missen ouni d'Hëllef vun de Schoulkanner geplanzt ginn. Ee Joer méi spéit ass d'Situatioun nach net wierklech besser, mee wéinstens ass ee Liicht um Enn vum Tunnel ze gesinn...**

De Summer 2020 war elo dat zweet Joer wat extrem dréche war, sou datt, trotz reegelméissegem Netzen, deen een oder anere Bam futti gaangen ass, sief et duerch d'Dréchent, duerch d'Mais, déi d'Wuerzele futti gebass hunn, oder duerch Krankheet.

Den 23. Mäerz dëst Joer, sinn déi puer Beem, déi futti gaang waren, am klenge Kader ersat ginn (well jo kee Rassemblement iwwer 10 Leit erlaabt ass.) Déi Ierfgroussherzoglech Koppel, de Prënz Guillame an d'Prinzessin Stéphanie si mat hirem klenge Bouf, dem Prënz Charles, laanscht komm a hu sech eng Freed draus gemaach, fir beim Planzen ze hëllefen. Zwee Kanner aus der Noperschaft, d'Emma an d'Mia Grotz, hun och ee Bam geplanzt. Eise Buergermeeschter, den Fränk Daems, huet sech och der Planzaktioun ugeschloss.

Ënnert deenen 98 Beem befanne sech: 60 Äppelbeem - dovunner hu mir 17 verschidden Zorten, an dorënner och méi rar Zorten, wéi z.B. de Krügers Dickstiel an de Boikenapfel, 8 verschidde Birenzorten mat jeeweils 2 Exemplaren (z.B. Williams Christbirne, Conférence a Pastorenbirne), 1 Quiddebaam an 21 Steenuebstbeem, wéi z.B. Hausquetsche, Mirabelle de Nancy an d'Wangenheimer Frühzwetschge.

*Olivier MOLITOR*





© Molitor Olivier



© Maison du Grand-Duc / Sophie Margue


© Molitor Olivier


© Molitor Olivier


© Molitor Olivier


© Molitor Olivier


© Molitor Olivier

# D'Schoulkanner planzen Uebstbeem

22.-23.03.2021 **FËSCHBECH**

**Eis Planzaktioun mat de Kanner d'lescht Joer wor jo leider kuerzfristeg wéngst der Pandemie ofgesot ginn, ma dëst Joer konnte mir– no Récksprooch mam Ministère – endlech nees eis Aktioun starten, mat vill Freed säitens de Kanner.**

Och dëst Joer hu mir nees eng sëllechen Uebstbeem geplanzt. D'Bëschaarbechter hunn – wéi all Joer - am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d'Ranner d'Beem net futti maache kënnen. Den 22. Mäerz 2021 hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir déi Uebstbeem ze planzen. Dëst woren d'Kanner aus dem Cycle 2.2 mat de Joffere Julie Gorza a Catalina Baden, wou zu Fëschbech „am Schenner" 14 nei Äppelbeem an 1 Kiischtebam geplanzt gi sinn, an dat bei beschtem Planzwieder.

De 24. Mäerz 2021 goufen eng 33 Beem zu Kéideng um „Koepgesbierg" an der Wiss vum Anne an Marc Kolber-Mergen geplanzt: eng Mëschung aus Nësserten, Käschten-, Äppel-, Quidden-, Biren- an Kiischtebeem hunn dës Kéier zwou Klasse Moies, respektiv Nomëttes geplanzt. De Cycle 3.2 war Moies un der Rei, dës Kanner goufe vun de Joffere Mireille Garson, dem Jasmine Braun an dem Jacquie Wagener begleet. Nomëttes sinn d'Kanner aus dem Cycle 4.2 mat den zwou Joffere Sarah Kolber a Fabienne De Martines souguer mam Vëlo bis bei eis komm fir beim Planzen matzehëllefen. Nom ville Schaffen waren d'Kanner awer dunn ze midd fir erëm zeréck mam Vëlo ze fueren, dofir ass ee Bus si siche komm.

Et war immens schéin ze gesinn, mat wat fir enger Begeeschterung d'Kanner geschafft hunn. Mir soe villmools Merci fir d'Hëllef!

Wéi och schonn déi lescht Joeren huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro fir 2021 gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Mëllerdall zeréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30 %, leet d'Gemeng bäi.

*Text & Fotoen: Olivier MOLITOR*






© Molitor Olivier


© Molitor Olivier


© Molitor Olivier


© Molitor Olivier

# Grouss Botz

## Ëmweltkommissioun

27.03.2021

**2020 war déi kollektiv Grouss Botz an eiser Gemeng leider dem CORONA zum Affer gefall a konnt net statt fannen. Wien déi lescht Méint mat oppenen Aen duerch eis Gemeng gefuer oder getrëppelt ass, deem ass séier opgefall, dass 2021 eng Botzaktioun ëmsou méi néideg wär!**

Fir Gruppementer vu méi wéi 10 Leit z'evitéieren huet d'Ëmweltkommissioun d'Koordinatioun dëst Joer am Virfeld mat staarker Ënnerstëtzung vun der Gemeng iwwer Telefon, Mail a What's App gemaach. Op der Héicht beim Veräinshaus, wou soss Tourneeën opgedeelt, Pëtzen, Gilets an Tute verdeelt goufen, koum en Drive-In zum Asaz. All Grupp konnt hei säin Aarbechtsgeschier ofhuelen a lass goung et.

Bei richtegem Abrëllswieder, mat Reen, Wand, Knëppelsteng a killen Temperature goufe Feld- a Bëschweeër, Stroossen, Dierfer, Baachen a Wise vu Knascht befreit. 84 motivéiert Leit, dorënner vill Kanner, hunn dee Samschdegmëtteg staarken Asaz gewisen. Chapeau!
Dobäi koumen 330kg Dreck zesummen, deen absolut näischt an der Natur verluer huet.

Op den traditionelle Patt an e klenge Maufel huet dëst Joer wéinst CORONA leider musse verzicht ginn. Bleift ze hoffen, dass mir 2022 d'Grouss Botz erëm kënne mat engem gesellegen Owend op der Héicht ofschléissen.

Iech all een decke MERCI fir Är wäertvoll Hëllef an hoffentlech bis d'nächst Joer!

*fir d'Ëmweltkommissioun,*
*Fränk DAEMS*






















GEMENG FESCHBECH









# Badminton Regioun Mëllerdall Badminton a vill méi...

**De Badminton Regioun Mëllerdall ass aktiv an de Gemengen Ärenzdall, Bäertref, Beefort, Fëschbech, Fiels, Hiefenech, Konsdref, Noumer a Waldbëlleg.**






Trotz CORONA konnten d'Kanner, di Jugendlech an d'Senioren an de leschte Méint vun de villen **Trainingsméiglechkeeten** profitéieren. Den Training gouf un di sanitär Mesuren ugepasst, dat léisst sech am Badminton zimmlech gutt maachen.

Och di nächst Méint a bis zum Enn vun der Saison am Juli gëtt weider trainéiert.

An alle Sportshalen ass mindestens ee Kannertraining an der Woch, sou och um Bierkelt. Wien gär méi trainéiert, deplacéiert sech zousätzlech nach an eng aner Sportshal.

D'Senioren kënnen méindes vun 20:00 bis 21:00 Auer an de FitBad goen. Och donneschdes gëtt Fitness kombinéiert mat e bësschen Badminton am klenge Sall uewen ugebueden.



Kommt einfach an eng vun den Halen, do gi der opgeschriwwen a kritt Informatiounen!
Dir kënnt e puer Mol probéiere kommen, éier eng Kotisatioun gefrot gëtt.

**BADMINTON** Trainingsméiglechkeeten am Iwwerbléck

| | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Méindeg | Konsdref | | *Trainer :* | | Donneschdeg | Birkelt | | *Trainer :* |
| | 17:00 – 18:30 | KannerBad | *Tristan Bache* | | | 16:30 – 18:00 | KannerBad | *Ivan Panev* |
| | 18:30 – 20:00 | SeniorBad | *Tristan Bache* | | | 19:00 – 20:00 | FitBad (fitness) | *Sandy Mesen* |
| | Birkelt | | | | | | | |
| | 20:00 – 21:30 | FitBad (badminton) | *Sandy Mesen* | | Freideg | Waldbëlleg | | |
| | | | | | | 17:00 – 18:15 | KannerBad | *Hargiono* |
| Dënschdeg | Waldbëlleg | | | | | 18:15 – 20:00 | SeniorBad | *Hargiono* |
| | 16:30 – 17:45 | MiniBad | *Tristan Bache* | | | 18:00 – 21:00 | HobbyBad | / |
| | 17:45 – 19:15 | KannerBad | *Tristan Bache* | | | 18:00 – 21:00 | FamilyBad | / |
| | 19:00 – 21:00 | SeniorBad | *Tristan Bache* | | | | | |
| | 18:00 – 21:00 | HobbyBad | / | | Samschdeg | Waldbëlleg | | |
| | | | | | | 09:30 – 11:00 | MiniBad | *Ivan Panev* |
| Mëttwoch | Beefort | | | | | 10:00 – 12:00 | HobbyBad | / |
| | 17:00 – 18:00 | MiniBad | *Ivan Panev* | | | 10:00 – 11:00 | FitBad (musculation) | *Luc Schmidt* |
| | 18:00 – 20:00 | KannerBad | *Ivan Panev* | | | 15:00 – 17:00 | ParaBad | / |
| | | | | | | | | |
| Donneschdeg | Bäertref | | | | Sonndeg | Beefort | | |
| | 14:00 – 15:30 | KannerBad | *Hargiono* | | | 10:00 – 12:00 | HobbyBad | / |

| | |
|---|---|
| MiniBad (ca. 5 – 8 Joer) : | fir all d'Kanner bis d'3. Schouljoer |
| KannerBad (ca. 9 – 15 Joer) : | fir all d'Kanner/Jugendlech ab dem 4. Schouljoer, egal ob se Kompetitioun spillen oder net |
| SeniorBad (ab 16 Joer) : | fir lizenzéiert Spiller, déi Senior Kompetitiounen (Championnat, Turnéier) matspillen |
| HobbyBad (ab 16 Joer) : | fir all Jugendlech a Senioren (bis an den héijen Alter), déi keng Kompetitiounen wëlle matspillen (ausser eventuell Hobby-Turnéier) |
| FitBad (ab ca. 15 Joer) : | fir alleguer ab 15 Joer |
| KannerFitBad (5 – 15 Joer) : | fir all Kanner/Jugendlech |
| ParaBad (all Alter) : | fir all Spiller mat engem Handicap |
| FamilyBad (all Alter) : | fir d'ganz Famill vun engem Member |
| WanderBad (all Alter) : | fir alleguer, et kann een och exklusiv just hei matmaachen |

- Jiddwereen däerf an alle Sportshalen trainéieren a sou oft e wëll!
- Nom MiniBad a KannerBad kënnen d'Kanner nach mat hiren Elteren weiderspillen.
- Beim MiniBad kënnen d'Elteren gären mathëllefen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| MiniBad: 50 Euro/Saison | SeniorBad: 120 Euro/Saison, 90 Euro fir Studenten | FitBad: 70 Euro/Saison | ParaBad: 50 Euro/Saison |
| KannerBad: 70 Euro/Saison | HobbyBad: 75 Euro/Saison | FamilyBad: 50 Euro/Saison | WanderBad: ofhängeg vun der Pandemie |



Eis **Trainer** sinn alleguer an de Kaderen vun der Federatioun aktiv. Den Ivan Panev zum Beispill, deen um Bierkelt den Training mëscht, assisitéiert bei de jonken Altersgruppen. Hien ass e bulgareschen Doubel Spezialist an huet virun 2 Joer nach bei de Weltmeeschterschaften opgeschloen.

Den Tristan Bache ass Chef Coach vun de Lëtzebuerger U11, U13 an U15. Den Hargiono ass zënter méi wéi 20 Joer Trainer vun der Senior Nationalekipp. Den Edwin Ekiring hat 2008 zu Peking bei der Olympiad matgespillt wou en d'Aachtelsfinallen in extremis verpasst hat.

Leider sinn de Wanter iwwer all **Manifestatiounen** ofgesot ginn. Mir hunn trotzdeem am Dezember Kniddelen gekacht an als Take away ugebueden. Well mer an alle 9 Gemengen Flyer ausgedeelt haten, blouf de Succès net aus a mir hunn eppes méi wéi 200 Portiounen verkaf. Ouschtersamschdeg hu mer e Famillierallye ronderëm d'Fiels organiséiert. No engem flotten Trëppeltour an enger Rei Spiller am Bësch, hunn di 13 Ekippen sech op d'Eeërsich gemaach. De WanderBad wäert di nächst Saison feste Bestanddeel vum Clubliewe ginn.






Dass **d'Kanner** de Moment vill ze vill doheem hänken, léisst sech an dësen Zäiten leider net ëmmer vermeiden. Wéi am spéiden Hierscht 2020 den Training eng kuerz Zäit verbuede war, hunn der e puer vun hinnen Badminton Biller gemoolt.



D'Cassandra vu Bäertref huet eis net nëmmen dat flott Bild vum „Badminton am Wanter an der Regioun Mëllerdall" zougeschéckt, mee och nach seng Andréck beschriwwen.





D'Racketten an d'Fiederbäll si vum Lilli, Lou a Maxime. De Lio vun Hiefenech huet de „Badminton am Summer" gemoolt.



**Kompetitiounen** sinn de Moment nach ëmmer verbueden. Am Ufank vun der Saison hate mer e Grand-Prix fir d'Jugend an e Masters fir d'Senioren organiséiert, duerno koum de Stopp. Mee den Training mëscht och sou Freed. Matcher géint Spiller aus anere Veräiner wäerte wuel eréischt di nächst Saison erlaabt ginn, bis dohinner hunn di vill nei Jugendlech an eisem neie Veräin Villes bäigeléiert.

Di lëschteg Ekipp vum **FitBad** huet sech de Spaass net huele gelooss an d'Sandy Mesen, hir Trainerin, huet streng no de CORONA Reegelen 2 Mol e Fuestraining organiséiert.



De Kommitee vum Veräin ass schonn am gaangen di **nächst Saison** ze plangen. Hei wäert en Directeur technique agestallt ginn, deen de Badminton an der Regioun Mëllerdall weiderentwéckelen soll. Mat der neier Hal zu Miedernach kritt eise Veräin zousätzlech Méiglechkeeten fir zum engen nach méi Trainingsstonnen unzebidden, mee awer och an Zukunft e gréissert Turnéier op d'Been ze setzen.




**Weider Informatiounen:**
**www.badmintonregiounmellerdall.lu**

**Kontakt:**
**badmellerdall@gmail.com**
**691 821592 (Schmidt Luc)**

# Jugendkommissioun

Chers jeunes, chers parents,

La pandémie actuelle a radicalement changé notre vie quotidienne et en particulier celle de nos jeunes. Différents sujets ainsi que des problèmes qui auraient pu être résolus lors des échanges amicaux sont difficilement praticables pour le moment.

Les différentes mesures (gestes barrières, quarantaine, isolement, etc.) ne sont pas faciles pour nous tous mais un adolescent, qui est avant tout dépendant des contacts sociaux, est fortement affecté par ces restrictions à la vie sociale. En plus beaucoup d'informations ne sont pas connues ou diffusées et on ne sait souvent pas comment s'y retrouver.

Pour cette raison, la Commission de la Jeunesse s'est réunie et a collecté des adresses importantes pour nos jeunes, où ils peuvent trouver des informations utiles ainsi que du soutien et de l'aide.

Léif Jonker, léif Elteren,

déi aktuell Pandemie huet eist alldeeglecht Liewen a besonnesch vun de Jonken drastesch verännert. Saachen déi soss am fréndschaftlechen enken Austausch gekläert konnte ginn, hannerloossen den Ament vill Fragezeichen.

Déi divers Mesuren (Barrièren, Quarantänen, Isolatioun, etc.) si fir eis alleguerten net einfach mee de Jugendlechen, dee virun allem op sozial Kontakter ugewisen ass, stécht duerch d'Aschrenkunge beim soziale Liewen enorm an. Och gi verschidden Informatiounen ënner an et weess een sech dacks, net wéi uleeën.

Aus deem Grond huet Jugendkommissioun sech zesummegesat an fir eis Jonk wichteg Kontaktadressen zesumme gedroen, wou si Informatiounen, Ënnerstëtzung an Hëllef fanne kënnen.

| | | |
|---|---|---|
| Du sichs Informatiounen iwwert SARS-COV-2 a COVID-19?<br>*Tu cherches plus d'informations concernant le SARS-COV-2 ou COVID-19 ?* | science.lu | |
| Déi aktuell Reegelen?<br>*Quelles règles sont actuellement applicables?* | Sante.lu | |
| Du weess net richteg weider? Du hues Froen oder Problemer?<br>*Tu ne sais pas vraiment comment procéder? Tu as des questions ou des problèmes?* | kanner jugend telefon<br>Tel: 11 61 11<br>www.kjt.lu | croix-rouge luxembourgeoise<br>Helpline Tel: 27 55<br>E-mail: info@croix-rouge.lu |
| cepas.lu | CePAS | |
| Du sichs Informatiounen zu Lycéeën oder wëlls an d'Aarbechtswelt starten?<br>*Tu cherches des informations concernant des Lycées ou tu es sur le point de te lancer dans la vie active?* | alj Antennes Locales pour Jeunes | alj.lu |
| Denkt och drun iech bei der Maison de l'Orientation iwwer déi digital «portes ouvertes» an d'Aschreiwungsdelaie vun de verschiddene Lycéeën ze informéieren.<br>*Pensez également à vous informer à la Maison de l'Orientation sur les "portes ouvertes" numériques et les délais d'inscription des différents lycées.* | Maison de l'Orientation | www.maison-orientation.public.lu |
| Du wëlls dech engagéieren?<br>*Tu souhaites t'engager?* | Service Volontaire | www.volontaires.lu |
| Du brauchs hëllef bei der Onlinesécherheet, der Cyber Belästegung oder den sozial Medien?<br>*Tu as besoin d'aide concernant la sécurité en ligne, cyber harcèlement ou bien des réseaux sociaux?* | BEE SECURE | Tel: 8002 1234<br>www.bee-secure.lu |

# Mir gi liichten

**Schoulkanner** 02.02.2020









# Buergbrennen

**FËSCHBECH**
**20.02.2021**





De Comité vun de Fëschber Markollefen huet dëst Joer decidéiert am klenge Krees eng Buerg opzeriichten an d'Leit gebiede vun doheem aus sech d'Spektakel op Buergsamsden unzekucken.



D'Wiichtelcher vu Schous haten dëst Joer decidéiert keng Buerg opzeriichten an och keng Reklamm ze maachen, fir ze vermeiden dass ze vill Leit beienee kéimen.

E puer Schéisser Jongen hunn et sech awer net huele gelooss an hunn un der Traditioun festgehalen an eng Buerg gebrannt.

Gréisser Mënschenusammlunge konnten esou zu Fëschbech an zu Schous verhënnert ginn. Hei e puer Fotoen, fir all déi Leit déi net konnten derbäi sinn.

Bleift all gesond an dass mer d'nächst Joer erëm eng gutt Omlett op der Héicht resp. zu Fëschbech kënnen iessen!

**SCHOUS**
**21.02.2021**







# Hierken Drive-In op der Héicht zu Schous

## Senioreveräin

06.03.2021 SCHOUS

**Weinst der aktueller Situatioun war eist Hierkefest mol anescht wéi déi leschte Joren, awer mir hate grad esou e grousse Succés.**

Eis Memberen a Frënn vum Senioreveräin hunn d'Hierke bestallt a konnten se mam Auto oder zu Fouss op d'Héicht siche kommen. Mir hunn hinne se fäerdeg gemaach a si an hiren Auto bruecht.Am Ganzen hu mir 700 Fileten preparéiert a verkaaft. Villmols Merci fir äer Ënnerstëtzung a mir hoffen op e bessert 2022.

*De Comité*











# Generalversammlung Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech

19.03.2021 SCHOUS

**Leider konnte mer dëst Joer keng Generalversammlung ewéi all Joer halen, mee fir guer keng ze maache koum fir eis net a Fro!**

Ganz no de Covid-Regele hu sech d'Membere vun der Amicale, freides den 19. Mäerz 2021 am Veräinshaus op der Héicht getraff.

Mat 23 Presenze ware mer dunn och stëmmberechtegt a konnten no der Gedenkminutt, wou mer speziell un de René Damgé an de Roger Simon geduecht hunn, iwwer déi eenzel Rapporten ofstëmmen. Den Aktivitéitsrapport war nach guer net esou kleng wëll d'lëscht Joer just eis Kiermesham ausgefall war, a beim CGDIS och genuch Übungen an Asätz waren.

Dem Opruff fir de vakante Posten am Comité ass och e Member nokomm, deen dunn och eestëmmeg ugeholl ginn ass. Mat dem Alex Vilela Do Carmo vun Angelsbierg ass eise Comité elo neess komplett. No der Ried vun eisem Buergermeeschter, ass de Georges Brosius nach a seng wuelverdéngte Pensioun aus dem aktiven Déngscht mat engem klenge Cadeau entlooss ginn. Als Ofschloss ass et dëst Joer kee Patt ginn, mee all Member ass mat engem klenge Cadeau entschiedegt ginn.

Mir wënschen all eise Memberen an hire Familljen: bleift weider gesond a passt op Iech op!

*President, Luss BROSIUS*






# D'Klibberen… och oder grad an Zäiten vu CORONA

## Traditiounen / Schoulkanner

ABRËLL 2021

**Well vu Gringendonneschdeg (owend) bis Ouschteren d'Klacke vun der Kierch keen Toun vu sech ginn hunn, haten d'Klibberkanner fir e puer Deeg hiren Dingscht iwwerholl.**

Mat hiren hëlzenen Instrumenter, sinn déi Jonk dräi Mol am Dag duerch d'Stroosse gelaf an hu graff vereinfacht, bei der Moiesklack, deen een oder aanere waakreg gemat, bei der Mëttesklack un de Kascht erënnert a bei der Owesklack d'Awunner an d'Kierch invitéiert.

Nodeems d'Kanner 2020 wéint dem Corona just virun der Hausdir klibbere konnten, duerften se sech dëst Joër nees fräi duerch d'Stroose bewegen. Ekipéiert mat Masken a mat dem néidegen Ofstand beim Ophiewen, hu si déi flott Traditioun virugefouert an hu esou e Stéckelchen Normalitéit an dës Pandemiezäit zréck bruecht.

Eis Kanner hate vill Freed an als Belounung goufen et op Karsamschdeg gefierften Eeër, Séisses an en extra Täschegeld. Zu Angelsbierg hunn d'Kanner en Deel vun hire Suen dem Veräin Rhana-Muppen ënnerstëtze Leit am Rollstull, iwwerwisen.

Bleift nach ze soen, datt den Ament eng Initiative leeft fir d'Traditioun vum Klibberen op déi national Lëscht vum immateriellen Kulturiewen („inventaire national du patrimoine culturel immatériel", www.iki.lu) ze setzen. Dofir ginn al Fotoen, Filmer, Dokumenter, …déi mam Klibberen ze dinn hu gesammelt fir en Dossier zesummen ze



stellen. Wie Material huet ka sech bei der Massendingerzentral mellen (massendenger@cathol.lu). Si huet d'Initiative gestart a gëtt den Dossier mat der offizieller Demande am Juni of.

*Chantal CONRAD*



Schous

















# *Angelsbierg*






Fëschbech













# Den Duxall an der Angsber Kierch ass vergréissert ginn...

## Chorale & Kathoulesch Kierch

**D'Membere vun der Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous freeën sech, no der Coronapandemie endlech hire vergréisserten Duxall „aweien" ze dierfen.**

Den Ament prouwen mir am Respekt vun de Covid-Mesuren ënnen am Schëff vun der Kierch, wou mir déi néideg Distanzen anhale kënnen. Um Duxall hate mir fréier net wierklech vill Platz a mir konnten eis net esou opstellen, datt d'Stëmme beienee stoungen. Dofir ass scho méi laang no enger Léisung gesicht ginn, wéi mir op eng einfach Manéier, ouni gréisser Käschten e puer Plaze méi schafe kéinten.

D'Léisung huet de Fernand Boever op d'Blat bruecht. Hien huet op der Säit vun der Trap eng hëlze Bänk mat engem héije Réck geplangt, wou virdrun nach Platz fir véier weider Sänger entstan ass. Nom Accord vun der Gemeng ass d'Iddi vun e puer engagéierte Männer aus dem Ëmkrees vun der Chorale ëmgesat gin. Als Kiischt um Kuch gouf nach en Handlaf fir op den Duxall installéiert, fir datt och jidderee sécher do uewen ukënnt.

D'Resultat ka sech duerchaus weise loossen a mir soe jidderengem Merci, deen op déi eng oder aner Manéier eng Hand mat ugepaakt huet.

*Chantal CONRAD*





# Éischt Kommunioun

## Kathoulesch Kierch

**18.04.2021 FËSCHBECH**

**Dëst Joer, den 18 Abrëll hu 6 Kanner déi 1 hl. Kommioun zu Fëschbech an der Kierch gemaach!**

Et waren:
Lars Kusnierz vu Fëschbech,
Laura Kusnierz vu Fëschbech
Dany Rodrigues vun Angelsbierg
Ben Hopp vu Fëschbech
Pit Robinet vu Schous
Kerrison Alves Duarte vu Schous







# Aktivitéiten an der Schoul




## FUESENT



# ZIRKUS Klass mixte











# Liichtmëssdag





























# EEMOL FREIDES MOIES, SI MIR, DE CYCLE 4.1 MAM 4.2 OP SCHOUS SCHLITT FUERE GAANG



Et war ganz flott, mee awer och ustrengend, well de Bierg géi war. Mir hunn ee wonnerschéine Sonnenënnergang gesinn. Wa mer rofgefuer sinn, hu mer misse ganz gutt oppassen, fir net an d'Picken ze fueren.

Herno waren net nëmme mir voll Schnéi, mee och de Bus...
Mmhh, an der Schoul hunn d'Joffer Fabienne an de Christian eis ee gudde waarme Schocki gekacht!



















# DE CYCLE 4.2 WAR TRËPPELEN

Mir si mam Vëlo bis op Fëschbech gefuer, wou mir dann ee Wandertour gemaach hunn. Mir krute Saachen iwwert d'Sandsteng a Beemzorten erkläert a sinn de ganze Wee buerféiss gaangen. Momentan ass d'Zäit, an där Déieren hier Kleng kréien, an dowéinst hu mir am Bësch misse roueg sinn.

*Nora, Leni a Laure*













# Fréijoersmoien C 3.1 Ouschtereeërsich, Kreativ- a Bakatelieren





















# ARBEIT AN STATIONEN: DIE RITTER

Wir haben gelernt wie man zum Ritter wird.

Zuerst ist man ein Page, dann ist man ein Knappe und dann ist man ein Ritter.

Wir sind durch die Geheimgänge gegangen und dann sind wir mit dem Pferd durch den Reitparcours geritten. Wir haben eine Medaille bekommen.

Wir haben ein Puzzle von der Ritterrüstung gemacht. Wir haben die Wörter zu der Rüstung gelegt.

Wir haben gelernt wie eine Burg angegriffen wurde. Die Ritter haben eine Sturmleiter, einen Rammbock, ein Katapult oder einen Belagerungsturm benutzt.





# Hecken pflanzen – Cycle 4.1

**Wir sind die Schüler der Klasse 4.1 und wir haben am Freitag, 5. März 2021 zusammen mit den Gemeindearbeitern Christian und Mike Hecken gepflanzt. Auch die Klassen 2.1 und 3.1 haben fleißig mitgearbeitet. Wir wollen euch erzählen, wie und warum wir dies gemacht haben.**

Die Hecken wurden hinter der Angsber Schoul beim Parking gepflanzt. Dazu wurden Löcher in regelmäßigen Abständen in den Hang gegraben. Wir haben jeweils eine Heckenpflanze so in das Loch gesteckt, dass die Wurzeln unterirdisch lagen. War das Loch zu klein, haben wir es mit einem Spaten vergrößert. Anschließend haben wir mit einer Schaufel die Löcher mit Erde befüllt bis die Wurzeln komplett bedeckt waren. Danach haben wir etwas an der Pflanze gerüttelt, damit der Boden sich gleichmäßig in alle Ecken zwischen den Wurzeln verteilt. Zuletzt haben wir den Boden mit den Füßen festgetreten. Und schon standen unsere Hecken.

Wir haben verschiedene Heckenarten gepflanzt: Cornus Alba „Sibirica" (Purpur-Hartriegel), Cornus Alba (weißer Hartriegel), Ribesrubrum (weiße Versailler), Acer Campestre (Feldahorn), Ligustrum Vulgare (Liguster), Viburnum Lantana (wolliger Schneeball), Cornus Mas (Kormelkirsche) und SambucusNigra (schwarzer Holunder).

Es ist wichtig Hecken zu pflanzen, weil sie zahlreiche Vorteile für die Umwelt mit sich bringen. So bieten sie Tieren zum Beispiel einen Rückzugsort und ermöglichen es Vögeln ihre Nester in ihnen zu bauen. Außerdem locken sie Bienen an, die ihren Nektar aufnehmen können. Bei dieser Nahrungsaufnahme bleiben Pollen am Haarkleid der Biene kleben, die diese dann auf die nächsten Blüten überträgt. So werden zahlreiche Pflanzen durch die Bienen mit Pollen bestäubt. Die Hecken sind aber nicht nur überlebensnotwendig für Tiere, sondern wirken auch als „natürliche Hangsicherung". Die Wurzeln graben sich im Boden fest und halten ihn auf diese Art und Weise fest. Zusätzlich nehmen sie Wasser aus dem Boden auf. Die Wurzeln der Hecken stärken also den Boden und verhindern einen Erdrutsch. Ein weiterer Gewinn für die Umwelt ist die von den Hecken betriebene Photosynthese. Sie säubert die Luft, indem die Pflanzen $CO^2$ aufnehmen und Sauerstoff an die Umgebung abgeben, den wir Menschen dann einatmen können. Zu guter Letzt bieten Hecken einen Wind- und Sehschutz für umliegende Häuser.

Wir möchten uns ganz herzlich bei der Gemeinde bedanken, dass wir an diesem interessanten Nachmittag teilnehmen konnten, an dem wir zahlreiche Informationen über Hecken gelernt haben. Das Pflanzen an sich hat auch super Spaß gemacht!

*Text: Cycle 4.1 / Fotoen: Frank WEYRICH*


































# MOL EIS DÄI Konschtwierk

**D'Eltereveréenegung Fëschbech huet an Zesummenaarbecht mat der Angsber Schoul en Molconcours ënnert dem Thema „Mol eis däi Konschtwierk" organiséiert.**

All Schoulkand krut vun der Elterevereenegung eng Toile geschenkt an zesummen mat hirer Joffer hunn si hir Virstellung vun Konscht gemoolt. Déi kleng Kënschtler hunn sech all immens vill Méi ginn an wonnerschéin Biller gemoolt. De Kënschtler Joe Muñoz, bekannt duerch seng verspillte „Munis" huet ënnert de Konschtwierker aus all Klass een Gewënner bestëmmt, deen vun der Elterevereenegung e flott Buch als Präis kritt huet.

D'Elterevereenegung huet sech immens gefreet iwwert d'Engagement vum Léierpersonal an seet hinnen an dem Joe Muñoz een groussen Merci fir d'Matmaachen. En ganz besonneschen Merci geet un d'Kanner fir hier flott an kreativ Leeschtungen.

*Dir sidd all kleng Kënschtler!*

*D'Elterevereenegung Fëschbech*






Joe Muñoz
Facebook: Muñoz-art
Insta: muni_joe
www.joe-munoz.jimdo.com





PRÉCOCE

Gewënner



CYCLE 1 (SARAH B.)

GEWËNNER



CYCLE 1 (DIANE D.)



GEWËNNER



CLASSE MIXTE

GEWËNNER





CYCLE 2.1

GEWËNNER




GEWËNNER




GEWËNNER

# CYCLE 3.2







GEWËNNER




GEWËNNER

# Aktivitéiten bei den Kueben

## NINJAS BEI DE KUEBEN



**Wärend zwou Wochen hate mir e klenge Medieprojet an der Maison Relais an hu geléiert, wéi ee surrealistesch Fotoe mécht a fantastesch Videoen dréie kann. Dofir hu mir mat eisen iPads mat der Green Screen-Technik geschafft. Zil ass et heibäi fir eng Persoun oder e Géigestand an e komplett neie Setting ze setzen, also eng Zort Bildmanipulatioun ze maachen, wou een net méi weess wat ass richteg a wat ass Fake.**

Fir d'éischt hu mir mat grénge Plakater un der Mauer ee riseg grousse Green Screen opgepecht, fir datt mir genuch Plaz hate, fir eis ze bewegen.

Duerno hu mir eis virdru gestallt a mol eis Superkräfte gewisen. Am Film geet et em Ninjaen, déi als éischt hir Superkraaft virstellen an duerno géinteneen kämpfen. Well mir zu 4 waren hu mir 1 géint 1 gekämpft.

Mir hunn nieft der „Green Screen"-App och nach aner Appen, wéi „Reverse Camera" an den „iMovie" benotzt. Dat heescht verschidde Videoen sinn och hannertseg gelaf – dëst gesäit zimmlech witzeg aus.

Nodeems mir all Szenen opgeholl haten, hu mir nach zesummen no Musek an Effekter gesicht, fir de Video méi lieweg ze maachen.

Dono ware mir ganz houfreg, an hunn eis Ninjakämpf och eise Kollege gewisen.

Philip W.:
"Et war mega cool, mir hunn eis gefilmt wou mir Ninja gespillt hunn. Maite huet eis mat enger Kamera gefilmt mat Zäitlupp, de Film hannert sech lafe loossen an engem Hannergrond mat Schrëft oder Biller. Am Schluss hu mir géinteneen gekämpft."


HAT?!
Lynn:
„Ech hunn et mega cool fonnt an et war flott eng néi Technik wie déi mam Green Screen ze léieren."


Keirrison:
„Et war flott, dass mir een Ninja Film gemaach hunn. Mir konnten alles (Hannergrond, Iddi, Effekter,..) selwer raussichen a matbestëmmen, dat huet Spaass gemaach."
OOPS!!
SHHHH!

# Déi kleng Kueben aus dem Cycle 1 op Schatzsich



**De Cycle 1 krut vum Kuebepirat Jack verroden, dass an der Maison Relais zwee Schätz verstoppt wären. Fir datt déi kleng Piraten déi Schätz och fanne konnten, hat hien de Kanner zwou Schatzkaarte matbruecht.**

An zwou Gruppen hunn si sech dunn op de Wee gemaach. Op der Schatzsich hu si awer gutt missten oppasse fir datt si net vum Wee ofkommen. Op all Plaz, déi op der Kaart markéiert war, hu si missten no engem Puzzelstéck sichen.

Wéi déi kleng Piraten op all de Plaze waren an och all d'Stécker haten, hu si de Puzzle just nach missten zesummeleeën, an da kucke wat op dem Bild ze gesi war. An da … SÉIER BEI DE SCHATZ!









# PROJET «SOZIALKOMPETENZEN»

**Säit Enn Januar gëtt am C2 de Projet „ Sozialkompetenzen" vum edukative Personal duerchgefouert. Dëse Projet, dee bis zu 2 Mol am Mount stattfënnt, huet als Zil, de Kanner hir sozial Fäegkeeten ( dh. Empathie, Kommunikatioun, Frustratiounstoleranz, esou wéi Teamfäegkeet) ze förderen. Dës sozial Kompetenz ass vu grousser Bedeitung an hëlleft dem Mënsch, déi verschidden (a spéider) Liewensaufgaben a gesellschaftlech Ufuerderunge resilient ze bewältegen.**

Fir dass ee Kand an engem Grupp gutt „funktionéiere" kann, ass et als éischt vu Bedeitung sech selwer gutt ze kennen a seng eege Gefiller wéi z.B. Roserei, Trauregkeet oder Jalousie selwer ze erkennen an auszedrécken. Esou fänkt all Etapp vum Projet mat enger extra gebastelter **Emotiounsauer** un (Ritual). Dës Auer soll de Kanner dobäi hëllefen iwwert sech selwer ze reflektéieren an hiirt Wuelbefannen dem Grupp matzedeelen.

Reegelméisseg duerchgefouert **Rollespiller a Gefillspantominen** hunn net nëmmen als Zil sech mat bestëmmten Emotioune selwer auserneen ze setze, mee soll och dozou bäidroen d'Gefiller bei anere Mënschen ze erkennen an sech esou an eng aner Persoun eran ze versetzen (Empathie).

Bei bestëmmte recherchéierten **Teamspiller** spillt net nëmmen d'Empathie nees eng wichteg Roll, mee hei ass och „Kommunikatioun" an „Teamgeescht" gefrot. Den C2 muss hei „Zesummenhalt" a "Vertrauen zouenen" opbaue fir d'Spiller richteg kënnen ofzeschléissen.

Mat dësem Projet erhofft sech dat sozio-edukatiivt Personal vum C2, d'Kanner an hirer sozialer Entwécklung weider stäerken ze kënnen an si op hir spéider Zukunft an der Gesellschaft virzebereeden.









# Mir gratuléieren



Alice Braun



**Den 11. Februar 2021 hat de Schäfferot de Pleséier dem Alice Braun-Schmit vu Weyer fir hire ronnen 80. Gebuertsdag ze gratuléieren an ass duerfir mat engem ugepassten Arrangement op Weyer gefuer wou d'Alice doheem ass.**

Wéinst der aktueller Corona-Pandemie konnt leider net wéi gewinnt ugestouss gi mee dat wëlle mir op alle Fall bei nächster Geleeënheet mam Alice nohuelen.

D'Alice gouf de 6. Februar 1941 gebuer, ass gebierteg vu Baastenduerf a gouf 1979 mam Fernand Braun vu Weyer bestuet. Aus hirem Bestietnes goung e Jong ervir, de Gilles. Zesummen hunn si zu Weyer de Bauerebetrib geleet deen de Gilles och haut nach bewirtschaft.

Dem Alice säi Mann de Fern, eise fréiere Buergermeeschter, ass leider vill ze fréi am Alter vun 52 Joer am Dezember 2003 schon verstuerwen.

Haut ass d'Alice houfreg Groussmamm vun enger klenger Enkelin an erfreet sech beschter Gesondheet.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wënsche mir dem Alice nach emol alles Gutt's a vrun allem natierlech weiderhin eng gutt Gesondheet!

*de Schäfferot*




**ADMINISTRATION**
**COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**


**COLLÈGE ÉCHEVINAL**

| | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**

| | |
|---|---|
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |

**BUREAU DE LA POPULATION**

| | |
|---|---|
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |

**RECETTE COMMUNALE**

| | |
|---|---|
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |

# Manifestatiouns-kalenner

Wann wärend de nächste Wochen a Méint nees gréisser Manifestatiounen dierfe sinn, gi mir dës Informatiounen natierlech iwwer eisen Internetsite oder eis Facebooksäit weider

**www.acfischbach.lu**

Gemeng Fëschbech



© Molitor Olivier

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu